

Crèche Draachemailchen



Presentatioun

Bëschprojet Draachemailchen

Danièle Raach

kuurz Virstellung vun der Draachemailchen

Kleng a familiär inklusiv Privat-Crèche

säit Januar 2014

ënnerbruecht an engem Eefamilienhaus zu
Näerden

Agrément fir 22 Kanner opgedeelt an

2 Gruppen:

Kanner vun 0-2 Joër: maximum 8 Kanner

Kanner vun 2-4 Joer; 14 Kanner



1. Bëschgrupp Draachemäilchen

- Entwécklung
- Fonctionnement



2. Zesummenaarbecht mat den Elteren

- Abannen vun den Elteren an de Bëschprojet



@compare

Entwécklung

Sou koum et zu eisem

Ganztäg-Bëschgrupp

Vun Ufank un war kloer: Mer ginn all Dag mat de Kanner eraus
an d'Natur, alles anescht huet sech mat der Zäit aus der
Erfahrung erginn.



Klengen Réckbléck

Säit 2014: All Dag eraus an d'Natur

- Begeeschtert Kanner /Begeeschtert Erzéier

Begeeschtert Elteren

säit 2017 am Fréijoer:

- 1x Moies Bësch 8h30-11h30

Säit 2017 Hierscht:

- 2x Moies Bësch

Säit 2018 Fréijoer:

- 3x Moies Bësch

Säit 2019 Fréijoer -Hierscht: all Dag Bësch

- 2x de ganzen Dag Bësch/ 3x moies Bësch

Wanter 2019/2020:

- all Moien Bësch



Eis Idee war et fir reegelméisseg de ganzen Dag am Bësch ze bleiwen; enstanen duerch d'Erfahrung déi mer un sou ponktuellen Ganzdags- Bëschdag gemaach hunn...

Sou koom et zur Ëmsetzung...

- Hospitatiounen an 4 Bëschcrèchen
- Uschafung vu klenger Bibliothek zum Thema „ Waldkindergärten“
- Informatiounen um Internet; you tube; asw...
- Formatiounen

Dobäi hunn ech festgestallt dass et dat kaum gëtt fir mat esou klengen Kanner de ganzen Dag am Bësch ze verbréngen...

eng wierklech Erausfuederung also...

Eis Idee: ee Bauwon

- Als Schutz virum Reen an der Keelt
- Fir Material ze stockéieren

Dofir brauche mer awer eng
Stellplaz an eng Geneemegung



Mee-Juli 2020 nom Confinement

- 1 Grupp vu 5 Kanner war all Dag de ganzen Dag am Bësch: eis gréng Draachen



Juli bis 15. September 2020- Vakanzenzäit

All Dag waren all Kanner zesammen de ganzen Dag am Summer-Bäsch (1 Grupp tèschent 8-11 Kanner)

Mer hunn all Dag all d'Material mam Weenchen matgeholl

D'Kächinn huet eis d'Iessen an de Bäsch bruecht



Summer 2020

Concertatioun mam Buergermeeschter a mam Fierschter

Ganz positiven Avis

Gemeng géif eis och eng Plaz zur Verfügung stellen

Virstellung vum Projet Bëschgrupp um Educatiounsministère

Ganz positiven Avis

Demande beim Ëmweltministère

Ganz kloer: et ass net méiglech fir eng privat Crèche

esou ee Projet emzesetzen

➤ Commerce

➤ Keng Utilité publique

Mer maachen trotzdeem weider

nom Motto:

Et gött keng Probleemer

et gött just Léisungen

Säit Hierscht 2020

All Moien maachen mer 2 Gruppen

- 1 Grupp vu 6 Kanner geet de ganzen Dag an de Bësch
9h30-16h00
- 1 Grupp vu 6 Kanner geet moies an de Bësch 8h30-
11h30
- 2 Kanner ginn bei déi Kleng fir do un den
pedagogeschen Ugeboter deelzehuelen

Partizipatioun ass eis wichtig

Eis Kanner wielen moies an wéi ee Grupp si
ginn:

Mer erklären mat Hëllef vun Fotoen a
Piktogrammer wat di jeeweileg Gruppen
virgesinn hunn

D'Kanner pëschen dann hir Foto an de Grupp
wou si wëllen deelhuelen



Mer sinn eis bewosst, dass et fir eis kleng Butzen och ka ganz ustrengend sinn de ganzen Dag am Bësch ze verbréngen.

Och dat ass fir eis eng Ursaach si wielen ze loossen wou si den Dag verbréngen wëllen.

Ob déi Manéier ass eise Bëschgrupp all Dag anescht zesumme gesat

Een Défi: Hierscht/ Wanter 2020/2021





Mer „plënneren“ an de
Wanterbësch



Ufro beim Fierschter fir een Wanterschutz

Aménagement vum Haischen war net méiglech an net sënnvoll

Et feelt eis Stauraum fir Schlofsäck,
Pelzer, Decken...

Et ass och ze kal a fiicht fir dobaussen ze
schlofen

Bei laang unhalendem naasse Wieder steet
d'Haischen ënner Waasser...



De Fierschter huet eis ee Bauweenchen zur Verfügung gestallt, deen si net méi notzen, anerefalls hätte mer eise Projet net kënnen duerchzéien de ganze Wanter





Eist Wanterlager ☺

Gutt kuschelech Decken, Schlofsäck a Schofspelzer fir ze raschten



An am Bäschweenchen
ass et ass och gutt
waarm fir d'Wëndlen ze
wiesslen

Am Bauweenchen stockéiere mer

- Kichematerial:
 - Telleren, Besteck, Kachutensilien
- Schaffgeschier:
 - Schnitzmesserer, Seeën, Buerer,
- Bastel- a Molmaterial:
 - Faarwen, Blieder, Päschen, Schéieren,...
- Schlofmaterial:
 - Decken, Schlofsäck, Pelzer,...
- Bibliothek:
 - Sachbicher iwwert Natur, Geschichten, Fotobicher vun eis, Bicher déi d'Kanner matbréngen
- Hygieneartikelen:
 - Läppecher/ Handdicher/ Lavaäerd als Seef, Spüli,...

Et bleibt trotzdem nach all Dag villes matzehuelen

- Waasser
- Iessen
- Wëndelkuerf

Glécklecherweis hëllef en eis Kanner do dagdäglech ganz engagéiert mat!



zesammen kann een alles packen



Dat klappt bis haut ganz gutt

- Ganz wéineg Deeg konnte mer net bleiwen
- Ganz wéineg Kanner waren krank
- Och am Summer si mer do bliwwen, well mer all eist Material do kënnen stockéieren
- All Dag aner Gruppenezusammesetzung
- Ganz vill flott a konstruktiv
Zesummenaarbecht mat Elteren
- Vill positiven Feedback vun de Spadséiergänger



Fonctionnement / Oflaf

Dagesoflaf Bäschgrupp

8h00 Gruppen wielen

8h30 Collatioun / Crèche

9h30 Départ Bäsch

10h00 Lager opriichten/ Feier maachen,
pedagogesch Ugebot op fräiwëlleger Basis /
Fräispill

11h00 Kannerkonferenz

11h30 Preparatiounen Mëttesiessen

12h00 Mëttesiessen

13h00 schlofe gon / raschten / spullen/ Fräispill

15h00 Dessert / apaken/...

16h00 Retour an d'Crèche



Mer bedeelegen d'Kanner um Dagesoflaf

Si hëllef

- Weenchen zéien an drécken
- Hängematten opriichten an ofriichten
- Sënnvolles bauen an opriichten
- Dëscher/ Hockeren opriichten an ofriichten
- Feier maachen
- Kachen
- Spullen
- Raumen





All Kand huet e Rucksak mat

Waasserfläsch, Stoffzervéit, klenge

Handdusch, Nuesschnappesch, an

Ersatzkleeder.





Ponktuell kache mer mat de Kanner am Bësch. Si hëllefen dann Geméis wäschen schneiden a kucken
no wéi et am Dëppen brutzelt.













Themen siche mer eraus no dem Interesssi vun de Kanner,
Fräispill ass eis wichtig an dass d'Kanner selwer decidéieren bei wat si wëllen matmaachen







Déi Kleng ginn och all
Dag bei all Wieder
eraus fir hir Ëmwelt an
hiert Ëmfeld ze
entdecken...



Si kommen oft an de
Bësch op Besuch bei déi
Grouss...hei bauen se
zesummen ee
Kannernascht



Déi « grouss » Kanner iwwerhuelen Responsabilitéit a sinn
Virbillen

Déi kleng imitéieren hir Fäegkeeten a Fäerdegkeeten



Bevir se de Grupp wiesslen ginn se ponktuell moies schonn mat deem Grupp mat deen fir d'Mëttesiessen zréck kënt



Zesummenaarbecht mat den Elteren

Fir sou en ambitiéisene Projet ze realiséieren si mer och op d'Hëllef an Ënnerstëtzung vun den Elteren ugewisen...

Et ass eis wichteg dass d'Elteren gesinn a mat erliewen wat mer am Alldag mat de Kanner maachen a wéi mer dat maachen

Dofir invitéieren mer d'Elteren reegelméisseg fir un eisen Aktivitéiten am Bësch deelzehuelen

Elteren bréngen d'Kanner an de Bësch...

Elteren kommen d'Kanner an de Bësch sichen



E puer Beispiller

- Mer invitéieren d'Elteren een Moien oder een Dag mat an de Bësch ze kommen wann d'Kanner de Grupp wiesslen
- Elteren bedeelegen sech un de Preparatiounen fir den Adventskalenner
- Adventskalenner am Bësch
- Fuesent am Bësch
- „Ouschter-Dag“ am Bësch
- Zesumme kachen am Bësch

Mer kachen Äppelgebeess am Bäsch



Mer maachen Kierzen fir den Adventskalenner



Adventskalenner am Bësch:
Elteren erzielen eng Geschicht an der
Familiesprooch



- Elteren schécken eis eng Foto vun sech zesummen mam Kand
- Planning ween wéini kënnt : moies oder mëttes
- Moies maache mer den Zauberstär an der Creche-> Iwwerraschung fir d'Kand
- Zesummen opriichten
- Wëllkomm an der Familiesprooch
- Elteren erzielen eng Geschicht vun hirem Choix
- Si kréien ee kleng Schokola als merci vum Kand iwwerreescht
- A bei där Geleeënheet kënnen och all d'Elteren sech de Weenchen ukucken.









Fuesent am Bäsch

Och hei waren eis Elteren an der batterer
Keelt mat derbäi



„Ouschterdag“ am Bäsch

- Ausstellung mat Konschtwierker vun de Kanner
- Fotosausstellung
- Invitatioun fir moies, mëttes oder am Nomëtteg z'iessen
- Zesummen Kreesspiller a Lidder sangen
- Ouschtereeër sichen









Mer maachen Hielennerpaangecher am Bësch



Nächste Projekt mit den Elteren:
Zusammen ee Reeschutz opriichten



Eist Rezept :

Léift a Respekt fir d'Kanner a fir d'Natur verméschen mat enger gudder Portioun
Kreativitéit, Ausdauer a ganz vill Engagement

Domat kann een alles
erreechen 😊



MERCI